Margot Steffens-Roeltgen

# ERËNNERUNGEN UN DEN 10. MEE 1940

Bericht iwwert d'Evakuatioun vun de Leit aus eiser Gemeng

Et ass een Dag ewéi een aneren. Ech si fäerdeg fir an d'Schoul, mäi Papp fir op d' Aarbecht. Mäi Wee ass all Dag 2-3 km bis op Zolwer. De Papp sollt mam Tram an d'Schräinerei op Esch fueren. Virun eiser Dier ass déckt Gespréich vun eise Noperen. Wat ass lass? Di Däitsch waren an den Aessen gelant, wat een Agank vun Zolwer ass. Näischt ass méi gaang. Et huet net laang gedauert, du koumen d'Fransousen d'Garerstrooss erop. Et waren elauter Marokkaner op klengen aarmséilege Päerd. Mäi Papp sot dunn: "An déi wëllen esou de Krich gewannen (onméiglech)"

Virun eiser Entrée op engem klengen Hiwwel d'Fransousen, an hannert dem Haus déi Däitsch. An du goung de Kaméidi lass. Dee ganzen Dag ass iwwert d'Haiser ewech geschoss ginn. Kee Mënsch huet sech méi op d'Strooss getraut.

Am spéiden Nomëtteg gouf et méi roueg. Du koum eisen deemolege Paschtouer Hemes mat ville Leit aus dem Duerf iwwert d'Garerstrooss. Hien sot eis, de franséische Generol hätt him d'Uerder ginn, mat de Leit an d'Frankräich ze goen. Dat sinn esou eng 3 bis 5 km bis op d'Grenz. An dunn ass déi grouss Evakuatioun ugaangen. Leit mat Bébéen an de Kutschen, op de Vëloen, Schubkare mat den Habséilegkeeten drop.

Esou si mir dunn déi puer km gaangen. Mäi Papp huet ëmmer gemeckert: "Wat huet déng Mamm der nëmmen an de Rucksak gepaakt?" Vill méi spéit ass hien et gewuer ginn. Et war eise klenge Räichtum (Sëlwerbesteck).

Zu Tiercelet op der Gare ware mir eng ganz Nuecht. D'Flieger waren iwwert eis. Mäi Papp sot dat mir mat Zäit fort mussen.

An et war och gutt esou. Mam éischten Zuch (e Véiwon) si mir fortgefuer, a mir ware frou. Déi Rees huet eng länger Zäit gedauert. Wann den Zuch an eng Gare era gefuer ass, war erëm Fliegeralarm. Da si mir aus der Gare eraus op d'fräit Feld gedréckt ginn. An da goung et erëm lass mat Schéissen. Do ware Leit déi ënnert d'Waggonen gekroch sinn. Spéider hu mir héieren dat et och Doudeger gi sinn. Déi Päischtdeeg si mir zu Piennes ukomm. Awer fir déi vill Leit war net vill Plaz. Mir sinn dunn op eng grouss Scheier iwwert engem Stall komm. (D'Véi war schonn op der Weed). Di 3 Deeg zu Piennes ware fir eis ewéi eng Éiwegkeet. Dunn ass et endlech weider gaang. Ënnerwee op de Garen ëmmer Fliegeralarm. Et ware vill Stonne vun Angscht. Du si mer endlech ukomm.

Dunn hate mer dann e Persounenzuch. Wat mir wéi gedoen huet, d'Leit haten hir Honn bis dohi matgeholl. Déi arem Déiere sinn dunn ugestréckt ginn, keent huet dierfe mat.

An dunn hunn ech un eis Déieren doheem geduecht. Meng Mamm hat Waasser, Rommelen a vill Hee an de Stall gemaach. Eise léiwe Kueder Fritz huet och missen doheem bleiwen. Hien hat awer alles iwwerstanen a war nach doheem ewéi mir heem komm sinn.

Fir eis gouf ënnerwee gutt gesuergt. Op de Gare stoung d'Hëllef fir d'Leit. E grousse Respekt fir déi franséisch Leit. Dat duerf ni vergiess ginn.

Am Nomëtteg koume mer zu Chauffailles un. Iwwerall stoungen d'Leit an hu gekrasch. A mir waren iwwerrascht. Eisen nächsten Ënnerdaach war e schéinen Hotel wou mir eng Zäit bleiwe konnten .

Déi Leit, déi keng Plaatz kruten sinn an déi grouss Schoul a Gebaier komm. Spéider sinn och eng etlech a Nopeschdierfer komm. Vill hunn sech selwer een Ënnerdaach gesicht.

Mäi Papp, dee gutt Franséisch konnt a scho Frëndschaft fonnt hat, hat gläich eng Wunneng fir eis fonnt.

Dat waren 2 Zëmmer (Kichen a Schlofzëmmer). Dee schéinen Eck huet Cour des Miracles geheescht.

Et hunn elauter eeler Leit do gewunnt. Eng Fra war och mat hire Kanner do, wéi mir héieren hunn och Flüchtlingen aus dem spuenesche Krich.

Mäi Papp huet dunn eng Aarbecht kritt an enger Schräinerei déi fir d' Arméi geschafft huet.

Mir Kanner sinn an d'Schoul komm. Eist Léierpersonal waren ee Schoulmeeschter vu Bieles, den Här Olinger an eng Schouljoffer d'Madame Ackermann. Och een Här Bauer vun Esch. Deen Här huet dunn mat äis eng grouss Feier virbereet.

D'Marseillaise ass geléiert ginn. Et war eng schéi grouss Feier op der Maartplaz. Di franséisch Leit waren do an et war e grousse Merci vun eis fir hir Hëllefsbereetschaft. Déi Hëllef däerf nimools vergiess ginn, an et war eng schéin Zäit bis de Krich ëmmer méi no komm ass.

Een Dag koum dunn di preisesch Arméi mat Tanksen, Camionen zu Chauffailles eran. Fir déi franséisch Leit, besonnesch di eeler war dat een Drama. Am Cour wou mir gewunnt hunn, huet eisen Hausmeeschter een Häerzinfarkt kritt an ass gestuerwen. De Mann huet misse begruewe ginn. De Kierfecht war baussent der Uertschaft iwwert d'Haaptstrooss. Kee vun deene Leit wollt matgoen, si haten nach di Angscht vum Krich 1914-1918. Mäi Papp huet si du berouegt a gesot hie géing matgoen. Um Rand vun der

Strooss stounge Panzer mat vill Militär. Si hunn de Läichenzuch respektéiert, hunn hir Helmer ofgedoen, an dat huet d'Leit berouegt.

All Dag, wa mir aus der Schoul komm sinn, war eng Lëscht ugeschloe mat de Nimm vun deene Männer déi hu missen op Macon an eng Fabrik schaffe goen. Do ass nach ëmmer bombardéiert ginn.

Mäi Papp konnt bleiwe well säi Patron dat fir hie gemaat hat. Mir hunn dunn eng ganz schéin Zäit do gelieft. Wann ee jonk ass, empfënnt een dat och net esou wéi di eeler Leit. Fir mäi Papp war et och ganz gutt, well hien seng ganz Jugend zu Paräis verbruecht hat. Hie sot wann hie wësse géing wann doheem alles zerschoss wier géing hien do bleiwen. Eisem Paschtouer säi Papp, een alen Här huet ëmmer fir heem geschwat. Seng Duechter sot ëmmer, eise Papp stierft eis hei, wa mer net geschwënn heem kommen.

An dunn, e gudden Dag, war op dem Maart eng al Camionnette ze verkafen. Eis gutt Männer hunn dat alt Stéck gesteet. Et war en Auto fir op de Schrott. Mäi Papp huet Bänke gezammert vir dran, datt di 3 Famille sollte Plaz hunn.

Et waren d'Famill Hermes, 4 Leit, d'Famill Specht, 3 Leit, den Här an d'Madame Petesch, déi hiren éischte Baby erwaart huet, an da mir 3, Papp, Mamm, an ech. Mir waren zu 12 Leit. An déi all an der aler Camionnette déi net méi zesumme gehal huet. Déi grouss Freed erëm heem ze kommen war esou grouss an huet alles iwwerbréckt. An du gouf Proviant akaaft an alles fir ënnerwee verpaakt. Di Chauffailler Leit ware spraachlos. Si hu gemengt den Auto géing keng 50 km packen.

Den Owend virdrun ier mer fortgefuer sinn haten déi Leit aus dem Cour wou mir gewunnt hunn eis eng kleng Feier organiséiert. Si hu mäi Papp als hire grousse Retter aus der Angscht ugesinn.

An deen anere Mueren war et dunn esou wäit. Op der Maartplaz stoungen eis franséisch Frënn an hunn eis all léif gedréckt a Kussie ginn. Du si mer dann an d'Ongewëssheet gefuer. Et war nach ëmmer Krichszäit. Duerch grouss Stied, si mir gefuer, villes war zerstéiert vum Krich. Aus engem Prisong hunn eis franséisch Gefaangener gewénkt. Mäi Papp huet sech op den Daach vum Auto gesat, an zeréck gewénkt. Mir ware frou fir heem. Duerch wat fir Stied an Uertschafte mir gefuer sinn, weess ech net méi.

Owes spéit si mir an eng Ruinestad komm. D'Gebaier hunn nach vun de Brandbomme gedämpt. Op eemol héiere mir eng Stëmm: "HALT, wo fahren sie hin? Wissen sie nicht dass noch Krieg ist?" Do ware mir erschreckt. Eisen Här Paschtouer an di 2 Chauffeure klammen aus dem Auto an hunn sech entschëllegt. A wéi mäi gudde Militarist eise Paschtouer a senger Soutane gesinn huet gouf hie ganz frëndlech. Et war sécher och een dee kathoulesch gedeeft war. Mir sinn du matt op déi däitsch Kommandatur

geholl ginn. Mir hunn do Kaffi kritt an eng Geleeënheet fir ze schlofen. Spéider sinn ech gewuer ginn, et war d'Stad Toul.

Mueres gouf eise Paschtouer bei den däitsche Kommandant geruff. Seng Schwëster war ganz opgereegt an huet gefaart den Här géif ze vill soen. Eis al Camionnette gouf dunn opgetankt a mir krute gesot: "Dann gondeln sie weiter." Et ass du gutt gaange bis op di Escher Grenz. Du ware mir glécklech an eiser Heemecht ze sinn. Et ass nach mat grousser Freed eng Erënnerungsfoto gemeet ginn. Alleguer hunn se sech gefrot: Stinn eis Haiser nach doheem? Et stoung nach alles, mee et war groussen Duercherneen bannenan.

Un alles kann ech mech net erënneren, awer a mengem Alter vun 83 Joer dach nach u villes. Ech hunn dat hei geschriwwe fir meng ganz Famill.

Juli 2012



Photo abbé Alfred Hemes - Collection Mme Margot Steffens-Roeltgen
Un groupe de réfugiés luxembourgeois qui a retrouvé le sourire en foulant le sol natal.
de g. à d.: Jean Petesch, Michel Hemes (de Soleuvre), époux Nicolas Specht-Martin avec fils Roger (de Differdange), Mme Jean Petesch-Kummer, Mlle Julie Hemes, Mme Michel Hemes-Biver, époux Nicolas Roeltgen-Ries avec fille Margot (de Soleuvre).

D'Foto an d'Beschrëftung aus:

DOLLAR, Jacques: L'exode des Luxembourgeois sur les routes de France en Mai 40, Bascharage 1990